N°422
Entrée le 05.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Déi deemolëg Inneministesch hat an der Chamberssitzung vum 13te Juni no de Gemengewalen ugekënnegt, dass een Aarbechtsgrupp sollt op d'Bee gestallt ginn, fir den Oflaf vun de Gemengewalen z'analyséieren a Recommandatiounen ze maachen, wéi een d'Organisatioun vun den nächste Gemengewalen kéint verbesseren.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi oft koum den Aarbechtsgrupp fir d'Analyse vun de Gemengewale bis ewell zesummen?
2. Wéi eng Problemer goufen analyséiert a wéi eng Léisunge goufe fir déi verschidde Problemer fonnt?
3. Wäerten d'Aarbechte vum Aarbechtsgrupp an ee Rapport afléissen a wäert de Minister dëse publizéieren an an der Chamber presentéieren? Falls jo, wat ass d'Zäitschinn, déi een sech bis zum Ofschloss vum Rapport wëll ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°422
Entrée le 15.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentarech Fro n° 422 vun den éierbaren Deputéierten Marc Goergen a Sven Clement zum Sujet "Rapport sur les élections communales"**

Meng Virgängerin hat en Aarbechtsgrupp annoncéiert, deen ass awer net constituéiert ginn.

Am Moment maache meng Servicer eng Analys vun de Gemengewale vun 2023, en Vue vun eventuelle Verbesserunge fir déi nächst Echeance.

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden